N°1317
Entrée le 08.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.10.2024

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Oktober 2024

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d’Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Vill Leit am Grand-Duché hu méi wéi eng Nationalitéit.

An dësem Zesummenhang géif ech der Madamm Minister gäre follgend Froe stellen:

1. Kéint d’Madamm Minister eng detailléiert Opstellung vun der Zuel vu Leit liwweren, déi aktuell am Grand-Duché mat duebeler, dräifacher, véierfacher Nationalitéit oder méi liewen? Wéi huet sech dës Zuel an de leschte Joren entwéckelt?
2. Gesäit d’Regierung eventuell rechtlech Problemer bei véierfacher oder fënneffacher Nationalitéit? Wa jo, wéi eng Problemer sinn dat?
3. Sinn der Regierung Fäll vu Mëssbrauch vun der Nationalitéitsprozedur bekannt, bei deenen d’Nationalitéit nëmme fir perséinlech oder finanziell Virdeeler ugefrot gouf?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten